

## «The Merl School of Dance and Drama» soutient un projet de l'Unicef

Au cours d'une sympathique réception au siège de l'Unicef Luxembourg, «The Merl School of Dance and Drama», représenté par Isabel Paul accompagnée des professeurs Beverley Schweich et Jeanette Hutchines, remit un chèque de 25.000 F aux représentants de l'Unicef – Luxembourg, Roger Conrad, secrétaire général, et Jacqueline Mey, trésorière. Le montant résulte de la moitié du bénéfice réalisé lors du spectacle «Children of the world» que les élèves de «The Merl School of Dance and Drama" soutenus par toute l'équipe des professeurs, parents et sponsors avaient présenté le 7 juillet dernier au Théâtre municipal de Luxembourg. L'argent offert à l'Unicef est destiné au soutien d'une école pour enfants aveugles à Phnom Penh au Cambodge.

(Photo: Gaby Disewiscourt)



## Le Cercle hispano-luxembourgeois a fêté le «Dia de la Hispanidad»

Les salons de l'Hôtel Europlaza à Luxembourg-Kirchberg prêtaient samedi soir leur cadre à la «Dia de la Hispanidad» organisée par le Cercle hispano-luxembourgeois. Cette traditionnelle manifestation a lieu tout les ans en souvenir du 12 octobre 1492, jour de la découverte de l'Amérique, le «Nouveau Monde», devenu plus tard le monde hispanique.

La présidente de l'association Irma Kohn-Coner entourée de Georges Heyardt, Jacques Zeimet et Jacqueline Engstler-Pfeiffer, acceuillit les invités et invités d'honneur, entre autres l'ambassadeur d'Espagne, le duc de Maura, et son épouse. L'ambiance typique a été créée par le groupe «Torre de Montijo», avec les chants et danses folkloriques et classiques, fortement applaudis par l'assemblée.

(Photo: Gaby Disewiscourt)

Chez nos voisins

# «Pour un Luxembourg fort et solidaire»

### Le gouverneur Caprasse devant le conseil provincial à Arlon

Tel était le thème de la première mercuriale du nouveau gouverneur de la province, Bernard Caprasse, vendredi fin d'après-midi devant le conseil provincial à Arlon.

«Le Luxembourg, une province qui conjugue la grandeur de sa nature et son développement économique désormais reconnu sinon envié, une province prête pour la modernité. Elle en a les atouts. A nous, dit-il, d'en cerner les écueils, d'en définir les objectifs, d'en assurer l'aboutissement. C'est là notre responsabilité et elle est collective.»


Et le gouverneur d'expliciter, durant un tour d'horloge, ces atouts: environnement quasi intact, voies de grandes communications, climat social exemplaire, esprit entrepreneurial, auxquels aujourd'hui s'ajoute une nouvelle dimension: celle d'être au coeur des flux transfrontaliers. Une ouverture à cultiver.

Pour Bernard Caprasse, la vigilance reste toutefois de mise lorsqu'il s'agit de faire prendre en compte les spécificités de la province dans la conception des infrastructures, dans le développement des transports en commun, dans le maintien des hôpitaux ou des écoles, l'évolution de l'agriculture. Et d'insister sur deux paramètres déterminants de l'avenir de la province: la mondialisation de l'économie et l'évolution des technologies de l'information et de la communication. La libéralisation du marché implique une concurrence au niveau des implantations industrielles, entreprises de service, entre les unités de production d'un même groupe industriel disséminées dans le monde, l'obligation absolue pour les entreprises luxembourgeoises d'exporter en concevant des produits répondant aux exigences des grands marchés. Elle implique enfin une mise en valeur accrue des ressources propres à la province.

Le développement des télécommunications dans le Luxembourg constitue un enjeu stratégique important. «Il convient que les utilisateurs de cette province puissent avoir accès à l'information dans les mêmes conditions de rapidité, de confort, que les autres régions du pays. Mais il faut aussi être vigilant et volontariste et participer à l'élaboration de programmes et partenariats prenant en compte le développement de la province.»

Après avoir souligné des orientations de nature à consolider le réseau des PME, le gouverneur a cité une voie nouvelle à explorer: celle des centres de services en matière de formations, d'administration et de services télématiques. Autre devoir important à ne pas négliger par les PME: la capacité à exporter, et de s'inscrire dans une perspective transfrontalière. «Pour être fort chez soi, il faudra, plus que jamais, être fort chez les autres.» Et d'insister sur le rôle des Luxembourgeois, de faire comprendre la nécessité de voir se développer les coopérations dans la région Saar-Lor-Lux.


Et Bernard Capresse de terminer ses propos par l'évocation d'une autre voie à explorer impérativement, celle des «services de proximité», née de la rencontre de besoins nouveaux, issus des modes de vie notamment à caractère social. Solidarité interpersonnelle mais aussi transfrontalière et intraprovinciale, plaidant notamment pour le développement du nord et du centre de la province, comme ce fut le cas en 1977 pour le sud. RN



## Kameraden des R.A.D. Schwarzbach-Böhmerwald/Oberdonau trafen sich

Zum jährlich Treffen fanden sich die Zwangsrekrutierten des R.A.D. vom Standort Schwarzbach-Böhmerwald/Oberdonau am vergangenen Samstag in der Auberge Siewebueren ein. Im Verlauf des geselligen Beisammenseins frischten sie alte Erinnerungen und Erlebnisse auf und gedachten ihrer gefallenen und verstorbenen Kameraden.

(Photo: Gaby Disewiscourt)




OLAP

## Einführung in „Computer Aided Design" (CAD)

Technische Zeichnungen erstellen mit Hilfe von Computerprogrammen bietet wesentliche Vorteile gegenüber dem klassischen Reißbrett. Um jedoch effizient mit diesem Werkzeug umgehen zu können, muß der Anwender intensiv geschult sein. Zudem erfordert das Erstellen von Zeichnungen mit CAD eine neue Denk- und Vorgehensweise. In einem Grundlagenkursus lernen die Teilnehmer beispielhaft an AutoCAD, wie CAD funktioniert, welche Möglichkeiten es bietet und wie man in der Praxis damit arbeiten kann. Diese Schulung richtet sich an CAD-Anfänger. Vorkenntnisse werden nicht vorausgesetzt.

Kursusleiter ist Jacques Krombach, Professor am „Institut Supérieur de Technologie". Die CAD-Grundschulung findet statt in Luxemburg-Kirchberg vom 8. bis zum 29. November und erstreckt sich über zehn Abende, jeweils montags, mittwochs und freitags von 16.30 bis 19.30 Uhr.

Weitere Informationen und ein detailliertes Programm können bei der Produktivitätszentrale angefragt werden (Tel. 48 98 48 / 40 39 72).

La mammographie peut sauver votre vie!

# Eng KLACK fir eis SPROOCH

ACTIOUN LËTZEBUERGESCH
EIS SPROOCH

Adressen: Breedewee, 21 — L-1917 Lëtzebuerg
Postkëscht 98 — L-2010
Telephon 47 06 12 — Fax 22 24 90 & 45 83 89
Cotisatioun/Mêmber: 500 Frang d'Jor
Postscheck: 6644-48

Redactioun vun dëser „Klack":
AL, Claude Bache, Lex Roth, Paul Wilmes
Nächst Klack (27): 30. November 1996

## Lëtzebuergesch Coursën

*Vru genee 20 Jor sin déi alleréischt allgemeng Coursën ugelaf, an deenen eis auslännesch Leit d'Méiglechkeet kruten, eis Sprooch systematesch ze léieren; dat heescht, datt eis Sprooch, grad ewéi soss eng, an Owes-Coursë geléiert konnt gin, an zwar mat 90% vum Gewiicht um Schwätzen. Natiirlech huet och misse geschriwwen an notéiert gin, ower eis Schreifweis guf nët mam Tëppelchen um i behandelt ... mä eng vun deene ganz sympathesche Wiirkunge war déi, datt d'Auslänner eis Orthographie onheemlech séier ugeholl hun; si hun nët – ewéi mir selwer – den orthographesche Lais nach d'Fléi gesicht!*

*Mir haten äis nët geduecht, datt esou masseweis Leit Intressi fir eis Sprooch hätten, an et war wiirklech eng Hellewull Aarbecht, fir déi ronn 500 Auslänner a Klassen opzedeelen; si kummen aus 34 Natiounen, a klorerweis och aus op d'mannst enger Dose verschiddene Sproochen! Dofir war et emol direkt absolut néideg, fir si gläich an zwou Sprooch-Familen opzedeelen: eng germanesch (däitsch, englesch, hollännesch ...) an eng romanesch (franséisch, italiéinesch, portugisesch ...). Mir waren zu dräi ganzer Leit fir 15 Gruppen, an et muss ee bedenken, datt mir dat owes no eiser normaler Aarbecht hu misse maachen. Léiermaterial war kee Spoun do; dat hate mir virdrun an der grousser Vakanz zesummegeraf, geschriwen an ofgezun ... mä et waren héchstens 100 Leit erwaart gin. Mir haten „d'Geeschter geruff", a mir hun si misste meeschter gin! Geld war keent do, a mir hun och vu kengem eppes kritt, bis déi „Offiziell" verstan hun, datt et wiirklech keng Spillerei wir, dunn hu si äis no an no gestäipt, an eis Owescoursë gufe behandelt ewéi anerer.*

*Ganz séier huet een och gesin a gespiirt, datt et nët nëmmen intelligent Lëtzebuerger gif gin, mä och onheemlech gescheit Auslänner, an de Contraire as grad esou wouer; et hun sech Bekanntschaften a Frëndschafte gemaach, déi nach bis haut daueren, an et as ee Genoss, Dosende vu Leit ze begéinen, deenen ee gehollef huet, den éischte Schrack an eis Sprooch (an op äis duer) ze maachen.*

*Wann een dëser Deeg Annôncen an der Press fënnt, mat deene Leit gesicht gin, fir Lëtzebuergesch-Coursën ze halen (ze léieren), dann denke mir vun der Actioun-Lëtzebuergesch mat Freed an esouguer e bëssen Houfert un eis „Pionéierzäit" aus de 70er an 80er Joren. Haut schéngt dat alles esou normal, datt nawell gär vergiess gët, wou, wéi a wien de Jabel ugekéiert an un d'Rulle bruecht huet. Dofir as et vläicht nët vu Muttwëll, datt alt emol eng Kéier drun erënnert gët, gelldir.*

*L.R.*

## Eis Éiere-Plaquette fir de Pol Greisch

Wien och nëmmen e Fangerhittche voll vum Theater an eiser Sprooch kennt, fir deen as de Pol Greisch op all Manéier eng Garantie fir héich Qualitéit. Hie wëllt ni „an de grousse Gaasse blénken", ower just aus deem Charakterzock a séngem gëllenen Talent kënnt säi Wierk an eiser Sprooch, déi him Meeschterstécker ze verdanken huet.

Eise Comité huet eestëmmeg decidéiert, dem Pol dofir de 14. November mat der Sëlwer-Plaquette (Dicks – Rodange – Lentz) e Merci ze soen ... och fir dat, wat hien dem Lëtzebuergeschen nach schenke wäert.

## Zwee Gedichter vum Tit Schroeder

Dës Deeg sin nët nëmmen an der Natur deer, wou erëm „Rou an d'Spill" kënnt. Mir selwer hun och den Hank fir méi roueg an nodenkereg ze gin, munnecheree vläicht esouguer e bëssen zevill.

Et as deer Zäiten eng vum Jor, iwer déi mir an alle Sproochen, ower och an der Musek Konschtstécker fannen, déi ënnert d'Haut gin ... a wie Sprooch a Musek seet, deen as nët wäit vum Gedicht, an deem de Sënn vum Wuurt grad ewéi de Klank vun de Silben eng Harmonie fannen, an deer sech déi ganz grouss Talenter begéinen.

Grad esou wéi een eng Symphonie oder e Quartett vum Bruckner oder Beethoven nët als „Museksgefëlls" kann huelen, just esou as et och mat engem gudde Gedicht. Et wiren der an eiser hooosselecher-hektescher Zäit vill gutt a besser beroden, wann si als Mëttel géint hire „Stress" emol heiansdo zéng Minutte fir eng roueg Musek oder en éierbart Gedicht gifen hiergin ... Dat gif vill Symposien an aner (deier) Nerven-Therapien ersetzen, ouni emol dovun ze schwätzen, datt een esou och eppes fir séng Kultur ka maachen.

Allerséilendeeg sin ewéi gemaach, fir sech a séngem Gemitt eng Paus ze vergonnen, fir e bësse besser mat sech eens ze gin.

An eiser Sprooch hu mir een Dichter, deen äis an deem Sënn Goldstécker offréiert huet, deen dat Schéinst a Bescht geschriwen huet, wat een an dëser Stëmmung am Lëtzebuergesche ka soen. Dat as eise Frënd a laangjierege Mêmber vun der Actioun-Lëtzebuergesch, den Tit Schroeder. Hien huet séng léif Famill an äis vrun zéng Jor fir ëmmer verlooss, an dat e puer Méint nodeem mir d'Freed an déi grouss Eier haten, dem „Schréidesch Tit" d'Sëlwer-Plaquette vun der AL fir säi Schaffen a säi grousst Talent ze iwerreechen.

Der Madame Erna Schroeder soe mir vun hei aus nach eng Kéier en häerzleche Merci, datt si äis et erlaabt huet, hirem Mann séng komplett Gedichter ënnert dem Titel „De gaunze Wee" als Extra-Nummer ze publizéieren ... Déi kënnt Dir iwregens nach ëmmer um Telephon vun der AL (47 06 12) bestellen.

Dem Tit Schroeder säin „Useldénger" wäerd bestëmmt kee beim Liese stéieren; dofir si séng Gedichter ze staark! AL

### Ëm Allerhelgen

*Dag fir Dag – ee ganze Mount*
*hëlt den Hierescht eiser Lann*
*Blat fir Blat, sou datt de Mound*
*all hir Rëpper taaschte kann.*

*Woch fir Woch gët d'Nuecht méi king,*
*stielt der Sonn hir gëllen Zäit ...*
*gëschter war nach alles gring*
*do, wou haut den Niewel läit.*

*Dag fir Dag – a Stonn fir Stonn,*
*Mount fir Mount a Jor fir Jor*
*trëmmele wi d'Laf am Gronn*
*iwrem Summer sénger Bor.*

### Ëm Allerséilen

*'t as dréif an däischter, schuddregkal,*
*an d'Dueref läit am naassen Niewel ...*
*haut gët et nit vrum Mëtteg Dag,*
*'t gesäit ee knaps den Nopeschgiewel.*

*All Blat, all Blumm as dout an dir,*
*den Hierscht huet Bam a Stack geschuer ...*
*kee Bommel, Päipel, a keng Bei,*
*de Gaart huet all séng Gäscht verluer.*

*Eent wielecht Blietchen hänkt um Bam,*
*deen haut elauter Drëpsen dréit ...*
*'t as luussegkal an dréif an naass,*
*den Niewel reest, den Drëpsschlag schléit.*

*Mä onversins – huet d'Blietchen sech gedréint –*
*ma neen! Et as een Zounkbutz, deen lo kréint!*
*Et as nit vill, wat nach vum Summer blouf –*
*an dach – eng Grimmel, déi nit wielech gouf.*

## D'AL op der Hierschtfoire

Wéi et schons zënter enger Rei vu Joren Traditioun as, war d'AL och dëst Jor erëm vum 5. bis den 13. Oktober mat engem Stand op der Hierschtfoire. D'Plaz an der Hal 2 war nët schlecht, vill Leit si bei eisem Stand laanscht komm.

Ganz besonnesch flott war déi grouss Maus Ketty, déi de Belairer Schoultheater bei eisem Stand opgeriicht hat, a mat där Reklamm gemaach gouf fir eng Videos-Cassette iwwer dem August Liesch séng onstierflech Maischen. Well mir fir alles sin, wat iergendwéi mat eiser Sprooch ze din huet, ware mir och gär bereet, dës Initiativ vun der Madame Dupont-Mreches z'ënnerstëtzen.

Wann och dëst Jor nët esou vill Leit op der Foire ware wéi zejor, da kënne mir äis dach nët bekloen. An denen aacht Deeg krute mir eng Rei nei Mêmberen an d'AL; eng ganz Rëtsch vu Leit hun hiirt Psalmebuch op eisem Stand ewechgeholl, an och soss si mir eng ganz Partie Publicatioune lassgin – an do natiirlech besonnesch eis Extra-Serie Nr. 3 (Annôncebichelchen), dat jo schons an der 5. Oplo virläit an dat domat ewell iwwer 20 000 Mol ënner d'Leit koum!

Vrun allem awer huet fir äis de Kontakt gezielt, dee mir mat e sëlleche Leit – Mêmberen an Nët-Mêmbere vun der AL – haten. Mol goung et ëm d'Schreifweis vun engem Stroossennumm, mol ëm Lëtzebuergesch-Coursën, mol drëm, wéi een am beschte kann e Bréif op Lëtzebuergesch schreiwen. Well wéi sot dach e Mann zu mir: „Ech hun näischt géint d'Franséischt a géint d'Däitscht, mä firwat soll ech an enger anerer Sprooch musse schreiwen, wat ech a ménger Mammesprooch denken?"

Grad dorëms geet et äis. A grad dofir schafft d'AL elo schons 25 Jor laang. Duurch déi vill gutt Wierder op der Foire – fir déi mir vun Häerze merci soen – fille mir äis encouragéiert, an där Richtung virunzefueren.

C.B.

## CHrëschtdag, CHrëschtmaart CHrëscht/CHristian

Mir sin erëm no bei dësem groussen an heemleche Feierdag; et gi maandelweis Annoncen a Plakaten a Kaarte gedréckt, déi just an dësen Deeg a Wochen an der Aarbecht sin. Dofir (alt erëm eng Kéier!) dee „Féngerchen" op dee gelungene K, deen den CH soll ermëlzen; mä firwat? Mir hun d'meescht mat dräi frieme Sproochen ze din, déi allen dräi CHrist(us) schreiwen an nët Krist(us), also och alles, wat dovun ofgeleet as. Bei de Griechen an de Réimer as den Numm ni mat K geschriwe gin, an si haten dee Bustaf jo ower an hirem Alphabéit! Vu „méi einfach" ka keng Ried goen, well de Bic sech engem jo bal diebelt, fir eppes géint d'Schreifgewunnecht ze maachen.

Wann ower dësen oder dee mengt, hie misst (express?) Krëschtdag aplaz Chrëschtdag schreiwen, dann däerf ee jo och unhuelen, datt hien de CH konsequent iwerall duerch de K ersetzt. Huelt emol en Dictionnaire an da kuckt Dir beim CH; Dir laacht Iech eng Knupp, wann Dir Iech déi Wiirder alleguer mat K virstellt. Kleng Beispiller: Krom (Metall) – Kromosom – Kronik – Kronometer – Krysanthem – Kolesterol – Kloroform – Kollera ... ouni vun der KSV, dem LKGB, der KDU an der KSU ze schwätzen... P.W.